

Lëtzebuerg, de 5. Juni 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden:

« Duerch de Klimawandel an déi laang Drécheperioden an de Joren 2018, 2019 an och lo 2020 sinn eis Bëscher immens geschwächt. Besonnesch de Borkenkäfer ka sech an där Situatioun gutt verbreedden, wouduerch de Fichtebestand enorm getraff ass. Dëst huet net nëmme Konsequenze fir den Ökosystem Bësch, mee et wierkt sech och negativ op déi national Forstwirtschaft aus.

Aus deem Grond sinn eng Rei Hëllef vum der Regierung decidéiert ginn, fir de betraffene Bëschbesëtzer am Kader vum Borkenkäferbefall ënnert d'Äerm ze gräifen. Sou gouf z.B. am November 2019 de Programm « Klima-Bonus » fir de Bësch presentéiert.

Allerdéngs ass duerch de Borkenkäfer d'Offer vu Schuedholz a ganz Europa därmoossen an d'Luucht gaangen, dass vill Bëschbesëtzer a Bëschentreprisen hiert Holz net méi lass ginn. Gläichzäiteg muss frëscht befallent Holz sou séier wéi méiglech aus de Bëscher erausgeholl ginn, fir enger weiderer Ausbreedung vum Borkenkäfer entgéintzewierken. Dat stellt vill concernéiert Leit a Betriber viru grous Schwieregkeeten, vu dass hiren Ofsazmarkt zesummegebrach ass.

Virun deem Hannergrond wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:

- Wéi vill Demandë fir eng finanziell Hëllef am Kader vum der Borkenkäferepidemie sinn déi lescht dräi Joer eragereecht ginn ?*
- Wéi vill dovunner sinn accordéiert ginn ?*
- Wéi vill sinn der schonn ausbezuelte ginn ?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- Ass d'Effikassitéit vun dësen Hëllef well evaluéiert ginn ? Wa jo, wat ass d'Resultat vun där Evaluatioun ? Wann net, ass geplangt, d'Aiden enger Evaluatioun z'ënnerzéien an deemno wéi unzepassen ?

- Wéi eng Mesurë gesäit d'Regierung vir, fir déi aktuell héich Offer u Fichtenholz um Marché ofzefiederen an d'Ofsazméiglechkeeten zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun kuerz- a mëttelfristeg ofzesécheren ?

- Wier et z.B. méiglech, deene betraffene Leit a Betriber eng Méiglechkeet fir en Tëschestockage vu Schuedholz unzebidden ?


- Wier et denkbar, de Propriétaires Schuedholz zu engem feste Präis ofzekafe fir et zu engem spéidere Moment weider ze vermaarten ?

- Ass e wirtschaftlechen Impakt op de « Wood Cluster » duerch de Borkenkäfer festzustellen ?

- Well mer wëssen, dass Experten domadder rechnen, dass d'Ficht wéinst dem Klimawandel keng Zukunft méi an eise Géigenden huet, wéi gesäit d'Regierung d'Zukunft vum « Wood Cluster » zu Lëtzebuerg ?

- Gesäit d'Regierung vir, nei Mesuren ze huelen, fir d'Perennitéit vun dësem Secteur zu Lëtzebuerg ze garantéieren ? »

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten



André BAULER
Deputéierten